PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , , , den 11/02/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Wirtschaft & Finanzen weiderzeleeden.**

Den 8ten Februar huet d'Organisatioun #Dontforgetus ee Pressecommuniqué erausginn, an deem si fir d'widderhuelte Kéier op den Ëmgang mat de Chèque-repas aginn. Laut Maître Rollinger am Reportage vum RTL zu de Chèque-repas vum 10ten Februar schätzen d'Firmen déi d'Chèque-repas verginn, de Schued un dem HORECA Secteur am zweestellege Milliouneberäich.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Hunn d'Ministere säit dem éischte Communiqué vun #Dontforgetus am am Februar 2021 Kontakt mat de Firme Sodexo an Edenred, fir sech bei hinnen iwwert hir Aschätzung zur Notzung vun de Chèque-repas z'informéieren?

2. D'Reegelen aus de Reglement vun 1986 si ganz restriktiv ausgeluecht, esou dierf ee mat de Chèque-repas laut Reglement nëmme wärend dem Aarbechtsdag lesse kafen. D'Bezuele mat de Chèque-repasen de Weekend am Restaurant wier also bei ville Leit schonn ee Verstouss géint d'Gesetz. Wäert d'Ministesch de Reglement iwwerschaffen?

3. Wäert d'Ministeren de Commercen d'Reegele vum Chèque-repas déi am Règlement grand-ducal vum 29ten Dezember 1986 eng weider Kéier kommunizéieren?

4. Wäerten d'Ministeren sech mat der Organisatioun #Dontforgetus an der HORESCA Federatioun zesumme sëtzen, fir eng gemeinsam Léisung ze fannen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député